N°4522
Entrée le 22.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.07.2026
Chambre des Députés

LSAP

Här Claude Wiseler
Präsident vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 22 Juli 2026

Här Präsident,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister weiderzeleeden.

De 5. Mäerz 2026 huet den europäesche Geriichtshaff bestätegt, datt d'Attributioun vun Opträg bei ëffentlechen Ausschreiwungen u sozial Konditioune kënne gebonne ginn.

Ech géif dofir gär vun der Regierung wëssen:

- Verbannen déi verschidde Ministèren an Administratiounen haut schonn hier Ausschreiwunge systematesch mat soziale Krittären?
- Wéi ass gegeebenenfalls den Undeel vun Ausschreiwungen déi esou sozial Konditiounen enthalen an deene leschten dräi Joren?
- Gëtt et haut schonn eenheetlech Direktiven an dem Beräich?

Mat déiwem Respekt

Mars Di Bartolomeo
Députéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu